



REÇU
Par Alf Christian, 10:02, 27/05/2020

n° 2277

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 27. Mee 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Déi sanitär Kris an där mi eis am Moment befannen huet och en staarken Impakt an eisen Prisongen. Interne Mesuren vun der Administration pénitentiaire goufen scho geholl déi begréissbar sinn mee et misst een sech ewéi an eisen Nopeschlänner och méi proaktiv mat der Lag an den Prisongen ausernee setzen.

Op Grond vun dëser Situatioun wëll ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch mir méi Informatiounen liwweren iwwert den Oflaf vun der Isolatioun fir déi méi grouss Zuel vu Prisonéier wéinst dem COVID-19 ?
- Kann d'Ministesch envisagéieren, dass d'Telefonéieren mat Familljememberen fir d'Prisonéier gratis ass, bis dass d'Visitten erëm erlaabt gi ?
- Wéi eng Moossnamen gesäit d'Madamm Ministesch vir fir d'Stëmmung an den Prisongen ze verbessern an dëser extremer Situatioun wou d'Angscht fir den COVID-19 ze kréien wäit verbreet ass ënnert den Prisonéier ?
- Kann d'Madamm Ministesch mech informéieren wann d'Prisonéier d'Méiglechkeet hunn fir Maske respektiv Händchen ze kréien ? Wéi gesäit et aus mat desinfizéier Gel fir all Prisonéier?
- An deem Kontext, kann d'Madamm Ministesch mir méi Informatiounen liwweren iwwert d'Equipement vun den Giischercher fir een Ausbreede vum COVID-19 ze verhënneren ?
- Huet een Prisonéier dat selwecht Recht ewéi eng aner Persoun fir am CHL traitéiert ze ginn am Fall wou et am CPL net méiglech wier (cf. Beootmungsmachinen, etc.) ?

Mat déiwem Respekt,

Paul Galles
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 mai 2020

Objet : Question parlementaire n° 2277 du 27.05.2020 de Monsieur le Député Paul Galles - Impact de la pandémie de la Covid-19 dans le milieu carcéral

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés